M. le Président.- Neen, Madame Err. Madame Err, lauschtert, ech mengen, mir...

Mme Lydie Err *(LSAP)*.-...zwou Minutte méi laang.

M. le Président.- Ma neen, ech si ganz respectueux, well Dir hutt elo schonn zwou Minutten iwwerzunn. Ech mengen, mir mussen awer e bësselchen d'Reglement hei applizéieren. Är Kolleeginnen hunn dat Reglement och applizéiert. Duerfir géif ech awer wann ech gelift elo bieden, lues zum Schluss ze kommen, Madame Err.

Mme Lydie Err *(LSAP)*.- Ech kommen zum Schluss, Här President.

Ech hunn nach eng Saach, déi ech hei diskutéiere wëll, an zwar eppes, wat iwwerhaapt net am Text vun der Regierung steet, wat fir mech awer ganz wichteg ass a wat a mengem Text steet.

Dat ass, dass den Délit d'entrave, fir en Avortement kënnen ze kréien, muss ënner Strof gesat ginn. Et kann net sinn, dass mir zu Lëtzebuerg eng Situatioun kréien, wou Leit, deenen e bessert Gesetz wéi dat, wat mir haut hunn, net an de Krom passt, probéieren, Leit dorunner ze hënneren, hiert Recht net kënnen ze kréien.

Erfahrungen a Saache Stierfhëllef hu bewisen, dass dat e Risiko ass, dee besteet zu Lëtzebuerg op anere Gebidder. Ech géif duerfir opfuerderen, sech ze iwwerleeën, ob ee mat kann op dee Wee goen.

Fir de Rescht ass a mengen Aen den Text an der Rei, wa mer eis kloer sinn iwwert dat, wat agréiiert Strukture sinn, déi sollen den Certificat de consultation ausstellen, well keng Fra wäert en Avortement maachen, ouni sech virdrun oder während der Prozedur konsultéieren ze loossen. Gegebenenfalls geet se bei deen zréck, wou se ugefaangen huet, wa se dat ka maachen. Duerfir mengen ech, ass dat Element extrem wichteg.

M. le Président.- Ech soen der Madame Err Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat Thema, wat mer haut hei behandelen, ass e sensibelt Thema, an et ass och normal, datt esou en Thema kontrovers heibanne soll a muss diskutéiert ginn. Et ass och duerfir schwéier an zwou Minutte Riedezäit, déi een huet, fir am Detail do an eng Analys eranzegoen. Duerfir wëll ech vun eiser Säit aus hei déi prinzipiell Stellung virdroen, esou wéi mir se als ADR an eisem Wahlprogramm festgehalen hunn.

Mir hunn an eisem Wahlprogramm gesot, datt mer géifen eng absolut Prioritéit der Preventioun, der Opklärung ginn. Déi soll an de Schoule stattfannen, déi soll an der Famill stattfannen, soll iwwer modern Kommunikatiounsmëttelen - Internet - stattfannen, iwwer Publikatiounen a Berodungsstellen.

Och si mer der Meenung, datt déi jugendlech Jongen a Meedercher sollte gratis Verhiddungsmëttelen zur Verfügung gestallt kréien. Mir wëssen och haut, datt et schonn d'Pëll duerno gëtt, sou datt et also eng ganz Palett gëtt vu preventive Moossnamen. Alleguer déi sollen agesat gi mam Zil, ongewollte Schwangerschaften ze verhënneren.

Fir de Fall, dass dach eng ongewollte Schwangerschaft antrëtt, mussen dës Fraen all méiglech Hëllef kréien, fir an dëser schwéierer Phas an hirem Liewe bäizestoen, Informatiounen an Hëllef iwwer all Méiglechkeeten, sief dat materieller, finanzieller oder moralescher Natur.

D'ADR ass der Meenung, wann all dës Moossnamen zu honnert Prozent offréiert an och praktizéiert géife ginn, datt dann am Prinzip dierft kee Bedarf iwwerhaapt méi bestoen, fir iwwert d'Gesetz iwwert de Schwangerschaftsofbroch missen ze diskutéieren oder ze légiféréieren.

D'Regierung huet haut de Moien an der Kommissioun en Avant-projet vun enger Proposition de loi déposéiert, déi baséiert op der Regierungserklärung vun där neier Regierung. D'ADR wäert dës Proposition de loi vun der Regierung aus der Siicht vun eisem Wahlprogramm analyséieren an dann hir Positioun festleeën.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions)

M. André Hoffmann *(déi Lénk)*.- Här President, fir d'éischt ganz schnell: Merci un d'Madame Loschetter fir déi Initiativ, fir dass mer d'Geleeënheet kréien, hei doriwwer ze diskutéieren, ganz kuerz.

Soulaang wéi mer d'Schwangerschaftsënnerbriechung net aus dem Strofgesetz däitlech eraushuelen, soulaang bleiwe mer an enger Logik vu Schold, Culpabilitéit a Repressioun vis-à-vis vun deene Fraen, déi dat maachen. A mir missten eigentlech alleguerte wëssen, och aus empirescher Erfahrung, dass déi repressiv Logik an esou Froe wéi där do vun héchst bezweifelbarer Wierksamkeet ass: Op där enger Säit, well d'Fraen awer, wa se keen aneren Auswee wëssen, dat maachen, awer dann ënner oft schlëmme Konditiounen; a mer wëssen, dass déi repressiv Logik och fir d'Fra inhuman Konsequenze kann hunn, déi hei schonn opgezielt gi sinn, sou dass ech do net nach eng Kéier drop brauch zréckzekommen.

Berodung an Hëllef, déi sinn ëmmer gutt, an ech sinn och der Meenung, dass mer d'Offer vun der Berodung a vun der Konsultatioun systematesch sollten ausbauen, och den Accès sollten erliichteren, virun allem fir déi jonk Leit.

Mä ech sinn net d'accord, dass mer se sollten obligatoresch maachen, well, wa mer se obligatoresch maachen, dann ënnerstelle mer de Fraen implizit, dass se eigentlech onmündeg sinn an dass se musse conseilléiert ginn, fir kënnen eng vernünfteg Entscheedung ze huelen. Ech stelle mer och d'Fro, ob d'Qualitéit an d'Akzeptanz vun enger Berodung net leiden, wa se ënnert der Menace vun enger Strof steet.

Also, prioritär fir mech: Dépénaliséierung; eng besser Informatioun; eng besser Opklärung vun eise jonke Leit - well ech mengen, dass do heiansdo wierklech nach ganz vill ze maachen ass -, an e Gesetz, wat Rechtssécherheet schaaft. An esouwäit wéi ech deen Text vun deem Projet de loi oder Avant-projet de loi bis elo kennen, schaaft e keng.

Fir mech ass absolut net kloer, wat et bedeit, wann Indikatiounen opgezielt ginn, a wann et dann heescht, wann déi Indikatioune bestinn, dann ass et net punissabel, dann ass d'Schwangerschaftsënnerbriechung net punissabel, an da seet...

(Interruption)

Ech hu mech gëiert?

Dann ass se net punissabel. An da seet d'Madame Err eis jo: „Mä wien entscheet dann, ob déi Indikatiounen do zoutreffen oder net?" Majo, dat ass eleng d'Fra, an da mécht deen Ausdrock punissable am Gesetz kee Sënn méi. Dat heescht, a Wierklechkeet bleift et eng Pénaliséierung vun der Schwangerschaftsënnerbriechung, wann déi Indikatiounen do net agehale ginn - a mer wëssen net, wie se festzestellen huet - a wann déi Konsultatioun net stattfënnt, déi ënnert der Menace vun enger Strof stattfënnt.

Also: Dépénaliséierung, Informatioun a Preventioun aus dem Strofgesetz eraus!

M. le Président.- Ech soen dem Här Hoffmann Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert: den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

Ech wëll nach eng Kéier drop opmierksam maachen, fir herno keng Diskussioun ze kréien, datt d'Regierung zéng Minutten huet. Dat heescht, wa méi Ministere wëlle schwätzen, se awer wann ech gelift gebiede wären, plus ou moins sech esou anzedeelen, datt jiddwereen alles ze soe kritt, wat e wëllt.

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Den Här Di Bartolomeo ka fënnef Minutte schwätzen an de Justizminister zéng.

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Zéng Minutten hutt Der, Här Justizminister.

(Interruptions diverses)

Also, elo lauschtere mer emol dem Gesondheetsminister no, well d'Zäit, déi leeft.

(Interruptions diverses)

Eng Véierelstonn.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé*.- Voilà, villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dee Reformprojet, deen de François Biltgen als Justizminister, deen de Ressortminister ass, wäert presentéieren, ass e wichtegen zousätzleche Schrëtt, fir den Avortement aus der Grozon, wou e leider nach ëmmer dra war, erauszekréien, a méi Transparenz a méi Realitéitssënn an déi Diskussioun eranzebréngen.

Dat Gesetz, dee Gesetzesprojet, dee mer wäerte presentéieren, huet de Verdéngscht, dass e sech de Realitéiten upasst, manner Plaz fir Interpretatiounen, an duerfir méi Kloerheet wäert an deen heite Beräich erabréngen. Dat ënner anerem doduerch, dass d'sozial Détresse unerkannt gëtt an ënner anerem domat - an dat ass ee vun deene wichtegste Schrëtter -, dass Mannerjähreger net méi systematesch dozou gezwonge ginn, fir iwwert d'Grenz ze goen, mä ënner verschiddene Konditioune kënnen am Respekt vum Gesetz an an aller Transparenz hei zu Lëtzebuerg eng Schwangerschaft kënnen ofbriechen. Et handelt sech do ëm déi fragiliséiertste Persounen, déi dovu betraff sinn, an hinne gëtt heimat gehollef.

Et ass richteg, dass d'Décisioun bei der Fra läit, an dass d'Fräiheet vun der Fra an esou enger schwéierer Décisioun net soll hypothekéiert ginn. Mä Fräiheet heescht net, dass een d'Fra soll eleng loossen. Duerfir mengen ech, sinn déi Berodungszentren, déi hei virgesi sinn, net als Schikan, mä als zousätzlechen Encadrement bei enger ganz schwiereger Situatioun ze verstoen, selbstverständlech wann een déi doten Aufgab deenen uvertraut, déi dat och esou an deem Sënn gesinn.

De François Biltgen wäert op den Detail vun deenen neie Propositiounen agoen. Ech wëll just soen, dass dat heiten en zousätzleche Schrëtt ass, e wichtege Schrëtt, mä sécher net deen eenzegen an där heiter Problematik, an dass mir, d'Familljeministesch an ech selwer, zesummen och mat der Éducatiounsministesch, an deene leschte Jore scho bestrieft waren, fir d'Rahmebedingungen ze verbesseren.

Ech erënneren drun, dass mer d'Pilule du lendemain fräiginn hunn. Ech erënneren drun, dass systematesch an alle Lycéeë Contraceptife quasi gratis zur Verfügung gestallt ginn.

Ech erënneren drun - an do kommen ech op dat, wat d'Madame Loschetter gesot huet -, dass mer dat lescht Joer dem Planning familial den Agrément ginn hunn, als agréiierten Zentrum, fir medikamentös Avortementë kënnen ze praktizéieren. Dat heescht kloer, medikamentösen Avortement huet selbstverständlech Prioritéit vis-à-vis vun anere Situatiounen.

Ech wëll drun erënneren, dass d'Regierung sech d'Wuert ginn huet schonn am leschte Budget - do sinn éischt Kreditter virgesinn -, fir Contraceptifs fir jonk Leit bis zu 25 Joer ze rembourséieren.

Dat wäert an dësem Joer kommen, well den Avortement ass net en Element vu Familljeplanung, mä ass eng Situatioun, déi antrëtt, wann aner Prioritéite gescheitert hunn. Duerfir ass et extrem wichteg, fir d'Zougänglechkeet zu enger responsabeler Sexualitéit ze verbesseren.

Ech wollt dat ënnersträichen. Mir sinn am Moment amgaangen dorun ze schaffen, fir quasi gläichzäiteg mat dem Projet de loi och verbessert Konditioune beim Zougang zu Contraceptifen ze garantéieren, ouni Ënnerscheed vun der sozialer Situatioun.

Mir wäerten eis Méi ginn, fir am Rahme vum Gesetz och zousätzlech Moyenen éischtens fir d'Berodungszentren zur Verfügung ze stellen, awer och fir d'Preventioun an de Schoulen. Do gëtt et a mengen Aen eng Obligation de moyens, wa mer op deen dote Wee ginn, wa mer also A soen, musse mer och B soen an déi dote Situatioune verbesseren.

Ech wëll soen, dass selbstverständlech jiddwereen d'Recht huet, fir seng Meenungen ze behalen, wat elo den Optimum ass an där heiter Diskussioun. Mir hunn et fäerdeg bruecht, zesummen en Duerchbroch hei ze maachen, deen et erlaabt, d'Situatioun vun der Fra ze verbesseren.

Déi, déi eis elo wëlle schoulmeeschteren, dass een dat eent oder dat anert méi hätt kënne maachen, déi hate virun eis an der Regierung d'Geleeënheet, fir dat ze maachen, hunn et awer net fäerdeg bruecht.

Ech wollt der Madame Polfer soen, dass an där virviregter Regierung och schonn d'Geleeënheet gewiescht wär, fir hei Verbesserungen ze maachen. Déi waren awer net dran, well d'DP hir Iddien net duerchgesat kritt huet. Ech wëll soen, dass dat hei eng gutt Solutioun ass, wou d'Situatioun an der Praxis wesentlech wäert verbessert ginn.

Ech soen lech Merci.

Une voix.- Très bien!

(Interruptions diverses)

M. le Président.- Ech soen dem Gesondheetsminister Merci. Elo kritt d'Wuert: den Här Justizminister François Biltgen.

4. Dépôt d'un projet de loi

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll emol fir d'éischt d'Geleeënheet benotzen, fir den Dépôt ze maache vum Projet de loi portant modification de l'article 353 du Code pénal, deen ech hei dem Chamberspresident dann iwwerreechen.

6103 - Projet de loi portant modification de l'article 353 du Code pénal

5. Heure d'actualité demandée par le groupe déi gréng sur la révision de la loi relative à la réglementation de l'interruption de grossesse (suite)

Ech hunn no Récksprooch mat virun allem de Fraktiounspresidente vun de Koalitiounsparteie mer iwwerluecht an och hinnen nogefollegt an hu gesot, ech ginn net eraus un d'Press, ier dass mer hei déi Debatt hate mam Dépôt vum Projet de loi. Ech hunn deen - d'Madame Polfer huet dat gesot - de Moien an der Commission juridique ausgedeelt, well - wéi hat ech laachende Monds de Moie gesot? - mäi parlamentaresche Statssekretär, den Här Bodry, scho gëschter op RTL verschidden Deeler bekannt gemaach huet.

Ech hunn och misse grinsen, wéi op RTL stoung, den Här Bodry wär Coauteur, mä déi, déi mech kennen, wëssen, dass ech nach ëmmer meng Texter selwer ka schreiwen.

Plusieurs voix.- Aah!

M. François Biltgen, *Ministre de la Justice*.- Richteg ass allerdéngs...

(Brouhaha général)

Richteg ass allerdéngs, dass deen Text...

Mir hunn och net esou vill Suen, dass mer ee kéinte vu bausse bezuelen.

Richteg ass allerdéngs, dass deen Text...

(Interruptions)

...deen Text vum Code pénal, dee mer änneren, dass dee millimetergenee dat erëmgëtt, wat den Här Bodry als Parteipresident vun der LSAP an ech deemools als Parteipresident vun der CSV an de Koalitiounsgespréicher ofgemaach hunn. Woubäi ech och soen, dass ech ëmmer muss e bësse grinsen, wa versicht gëtt elo haut - dat ass awer de bonne guerre -, d'Koalitiounsparteien auserneenzedividéieren.

Ech mengen, d'Madame Err ass agaangen op déi ganz Positioun vun hirer Partei. Ech wëll da just ee Saz oder zwee Sätz zitéieren aus dem Parteiprogramm vun der CSV: „Das bestehende Gesetz aus dem Jahr 1978 muss abgeändert werden, damit jene Abtreibungen, die nicht verhindert werden können, im rechtssicheren und